ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit heefe sech d'Reklamatioune vu Pappen oder Mammen, déi – obschonns se no hirer Scheedung oder no hirer Trennung vun hirem Partner hir voll elterlech Autoritéit behalen hunn a sech oft zu 50 Prozent ëm dat gemeinsaamt Kand këmmeren – net un der Covid-19-Contact-Tracing-Informatiounsprozedur bedeelegt ginn, well se am Ausland wunnen. Dësen Ëmstand féiert nämlech dozou, datt – am Fall, wou d'Kand sech mat Covid-19 infizéiert – just deen Elterendeel vun der Direction de la Santé informéiert gëtt, deen zu Lëtzebuerg wunnt. Op Nofro kritt deen an Onkenntnes geloossenen Elterendeel vun der Direction de la Santé da gesot, datt an esou Fäll just *eng* Tëléfonsnummer an *eng* E-Mail-Adress am Dossier mentionéiert kéinte ginn. Bei Koppelen, vun deenen eng Persoun am Ausland wunnt, sinn dat ëmmer d'Tëléfonsnummer an d'E-Mail-Adress vun där Persoun, déi zu Lëtzebuerg wunnt.

An dësem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Ass d'Regierung net der Meenung, datt duerch dës Approche Elterendeeler, déi net um Lëtzebuerger Territoire wunnen, diskriminéiert ginn, an datt déi Approche aus deem Grond ongesetzlech ass?
2) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt – onofhängeg dovun, wat fir een Elterendeel d'Suergerecht fir d'Kand huet – souwuel de Papp wéi och d'Mamm d'Recht missten hunn, informéiert ze ginn, wat de medezineschen Zoustand (an dësem Fall eng potentiell déidlech Infektioun) vun hirem Kand ugeet, fir kënnen hiren elterleche Flichten nozekommen, sou wéi dat och um Site vun der Regierung preziséiert gëtt: « (...) quel que soit le parent auquel l'enfant sera confié, les parents conserveront tous les deux le droit de surveiller l'entretien et l'éducation de l'enfant et seront tenus d'y contribuer à proportion de leurs facultés.» ?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742